PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Finanzen weiderzeleeden.

Säit dem 1 Juli 2021 ass duerch d'VAT E-Commerce Direktiv vun der EU, d'Exemptioun vun der TVA fir Akeef ënnert 22€ aus Net-EU-Länner ewech gefall. Doduerch kréie Leit, déi elo Saachen aus Drëttlänner bestellen, ëfters eng Rechnung vun der Douane an der si gefrot ginn, Stéieren nozebezuelen. Dës kann een nëmme via Payconiq oder mat Boergeld bezuelen. Bezuelunge mat Kaart sinn net méiglech.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat ass d'Bezuelung per Kreditkaart net méiglech?
2. Firwat ass d'Bezuelung via aner online Bezuelsystemer net méiglech? Firwat gëtt hei nëmme mat enger Firma zesumme geschafft?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député